D' Joffer spiert hir Nerven.....!

Kome'disteck fir Kanner vun 8-14 Johr

arr.v.H.M.

Perso'nen:
Loulou,lo Johr,
Mme.Melon,Tatta v.Loulou,5o Johr
Trin,Bonne,4o Johr
Justine,8 Johr,Durfmédchen,
D'Docktesch

Szénerie:
Eng Salle-à-manger,wo' de lenksen Dél durch e gro'sse Paravent ôfgedélt ass.Riéchts eng Dir, lenks hannert dem Parament eng Fönster,de' opgét.Dât lěscht Blât vum Paravent muss opgoen we' eng Dir,durch de' é vun dem klengen Zömmer an dât gro'sst könnt.- Miwel de' an eng Salle-a-manger passen.

1.Szén Trin eleng,ass um stöpsen a raumen, hält op,d'Hänn an d'Seite gesteipt)

Trin: 't ass dach gelungen wât hei am Haus passe'ert!(stöpst erem) -(dann erem eng Paus) 't ass net fir ze so'en datt hatt net mat Momenter kann ganz le'f a brav sin... An dach,watt ass eng Lotterwirtschaft hei am Haus,seit d'Patronne hir Niéce bei sech geholl huet.(Trin sötzt önner dem Dösch fir d'Stempelen ofzestöpsen.'t he'ert é Gejômers,schwâch Krésch hannert dem Parament,d'Trin streckt de Kapp önnert dem Döschteppeg eraus,zum Publikum):Aha! 't ass erem eso' weit! d'Joffer spiert hir Nerven!...(krabelt eraus,gét op d'Auer kucken) Neng Auer!..... 't dauert also nach lo Minutten,do hun ech nach gutt Zeit d'Möllech ze kachen.(hölt d'Botzgeschirr zesummen,wöllt ôfgoen, da gét d'Dir riéchts op)

2.Szén,Trin,Melon,

Melon(deck, mat Robe-de-chanbre,huet d'Bigoudien iwer d'Stîr hänken,rollt se am goen,opgeregt):Ah,Trin! Trina,he'ert dir dat net?

Trin(ganz flegmatesch)::Wât soll ech net He'eren?

Mélon(be'ss):Miserabelt Framönsch! mat d'Loulou!dem Loulou sei Je'meren!

Trin(ganz gleichgiltegt):Mä secher he'eren ech et! Awer wât gét dât mech un.Ech gin erem a meng Kichen!

Mélon(erem besänftegt): Jo,mei bravt Trina,ech hun iéch wuel gesot, dir sollt iéch net em d'Loulou kömmeren wann ech hei sin.... mä wann ech net hei sin!....

Trin(batter):D'Madame, war dach hei,sie huet dach d'„Jérémiaden" he'eren.

Mélon:(bösseg): Dir nennt dât Jeremiaden!.... Nu gutt, weil dir iéch gur net fir d'arme Loulou interesse'ert,durfir gin ech einfach net me' schlôfen,ech bleiwen Dâg an Nuecht bei him ech stirwen op mengem Posten....well ech hun dach versprach iwer de' schwächlech Kreatur ze wâchen.

Trin:(besänftegt):War d'Nuecht da schlecht,datt d'Mådame elo ere'scht opstét?

Melon:Ganz gere'ert):'t ass nach vill me' schlömm! D'Kand huet an engem Léer rîcht durch geschlôf,we' e Murmelde'er,o'ni sech ze re'eren. Oh!de Ro'h!...dé Schlôf,dén d'ganz Wiésen paralise'ert..... Oh, ech hât eso' eng Angscht,Trina,datt ech all Stonn opgestanen sin,no'm Kand kucken. Ech si richt geriédert. - Ere'scht ge'nt de Murgen sin och entschlôf.

Trin(beschwichtegend):Oh,ech serve'eren der Madame elo gleich e gudde,warme Kaffi. - Mä lauschtert,Madame, 't pinscht net me'! Et kritt elo gleich sei Chocolat,an dann ass et erem gutt. - Awer Madame, dir sollt iéch net eso' oprégen, - An èrem Alter ass én aus dem Zant fir Kanner ze zillen. (trin of) Melon,gét op de Fo'sspötzen bei d'Dir vum Paravent steipt sech derbei op d'Miwelen,mecht komesch Verenkongen fir ké Gereisch ze mâchen)

3.Szén Melon,Loulou

Loulou(mecht op émol seng Dir op,könnt eran am Pyjama(rosa),d'Hoer durchernén,ganz gentille,sprengt der Melon un den Hals,emärt se):Eng Bés! Zwo' Bésen!- A we' gét et menger Tatachen?

Melon:Ganz gutt! Oh! mein Engel! ... an du? we' fills du dech?

Loulou:Ech hun eng Honger we' e Wollef! Haut ass et Donneschdeg! ech denken datt d'Trin mei Chokolats-Kafi net vergiéss huet?

Melon(fillt em de Bols)- :Hues da ké Fe'wer? - - Hâts de och kén ellenen Drâm,meng Deifchen?

Loulou(lâcht hémlech):An Ge'gentél,Tatta, ech hu ganz sche'n gedrémt..... an Drém de' wirklechkét gin, ech hoffen et we'negstens: Ech an d'Justin sin ma'm Velo gefuhr.... well du muss wössen,mir hâten d'Justin op de Kafi agelueden.....

Melon(fällt an eng Fotel,gâpst):Ah! Ah!.... d'Justine? - dât Baueremédchen, gefällt dât dir eso',Loulou? - Nu ja,da luede mir et än. - Awer d'Velofuhren, dât ass fir eng àner Ke'er. (op d'Seit) 't get zevill nervös dervun!

Loulou(gét an d'Lûcht): A fir wât net haut?

Melon:(verléen):Weil én..seng Fréden - sei Plaise'er,spure muss... an dann, d'Wiéder ass gur net secher... ech gléwen d'Mäntel vum Velos mussen och nogekuckt gin.

Loulou(muckt op):A wât nach alles? Sô le'wer du wölls mir de' Plaise'er net gönnen...

Melon:(bedreckt):- Kanns du eso' eppes gléwen vun denger Tatta? - Oh, wât sin d'Kanner dach haut des dâgs eso' ondankbar....

Loulou(wörft sech virun d'Tatta op d'Kne'en):Mä nén,meng le'f kleng Tatachen,du bass wirklch d'Crême vun allen Tataen,an ech hun dech vu ganzem Herze gär, mä, wann é mech irgert,contrarie'ert, ,hei,kuck...(fänkt un d'Aerm,d'Hänn,d'Fangeren ze verdre'en) Geseis de we' dât u mech gét!

Melon(trostlos,hiéwt d'Loulou op,emärmt et): Jeitz net!- oh,nömmen net jeitzen,mei Schäf, bero'eg sech, de Gärtner mecht d'Pneuen vum Velo schon an d'Reih.(Loulou hält op mat senge Konschten a lâcht ganz brét)

4.Szén, Vireg,Trin,Justine

(Trin könt eran,brengt,op engem Plateau,de Kafi mat fir de'2)

Loulou:Bonjour,mein âlt Trin, wât brengt dir mir do?

Trin:E famo'se Chocolat fir de' brav Kanner.

Loulou:Weil ech jo hei an der Vakanz sin,durfir ass jo all Dâg Donnechdeg.Dir könnt mir also all Dâg Chocolat kachen,Trin.

Melon(zögenrd):Ech mengen d'Doktesch ass net domat averstanen....

Loulou(empört): ...Froen ech sie dann wât sie össt?- De' Frâ soll sech em hir Sàche bekömmeren.(mat droleger Autorite't) Trina,ech kre'en all Murges mei Chocolat!

Trin:Eso' lâng we' es do ass,mei Klengt. - (Melon a Loulou setzen sech ün den Dösch.'t kratzt un der Dir.D'Trin mecht op,d' Justine,klengt Baueremédchen,gebotzt,könnt eran,krätzt mat de Fe'ss om Buedem we' op engem Fo'ssteppeg)

in:Hola!,holla,gare mengem Parquett,-Do baussen virun der Dir leit d'Fo'ssmatt,do hätts du deng Fe'ss sollen öfkratzen, mei Klengt!

stine(Lâcht):Entschöllegt!'t ass d'Gewunnecht....well Dreck ass kén drun,de Buedem ass drechen,an d'Ströss ass renglech!

Melon(zo Justine):Wât fe ert dech dann heihin,schon eso' fre'h?

Justine:Ech si ganz eleng komm,meng le'v Madame,'t huet ké mech gefe'ert. A vun hei gin ech nach op d'Millen Hengerfudder sichen.

Melon(mecht gro'ss Aen): Gés du Frûcht sichen, wés du net datt dât verbueden ass,den Henger Frûcht ze gin....

Justine:'t werdt ömmer nach e we'neg an den Ecken eremleien,dât se ne können an eist Bro't mâchen,Madame.Jiddenfalls huet de Méschter gesôt ech sollt kucke goen.(dre't um Köpp vun sengem sche'ne Schirteg)... Ech un âlt geduecht 't ge'f der Joffer Loulou Spâss mâchen fir mat mir an d'Millen ze goen?

Melon:A wât denks du, 3 Kilometer fir hin, a grad eso'vill fir erem?

Loulou(reckt om Stull hin an hir):Mam Velo ass et e richtegt Spill. Hëpla!-dir huet emol net Zeit,Tata,fir èr Bigoudien op ze mâchen,da si mir schon erem.

Justine:Ech hu grad eso' geduecht!(drekt dem Loulou en A'n zo') 't ass galugen, d'Joffer Loulou an ech,mir hun daks de'sèlwegt Gedanken.

Trin(op d'Seit)Durfir bege'nen sie sech e so' daks-par Hasardhannert der Heck, de' kleng Hexen!

Melon(zum Loulou):Du bass jo ere'scht opgestânen, bis du dech elo ugedoen hues,ass et ze spe't fir spaze'eren ze fuhren- An

d'Justine kritt gegrommelt,wann hatt eso' lâng fortbleiwt.

Loulou(geheit sech om Stull zreck,reisst d'Aen gro'ss op,de Mond och,gro'ss ewe' e Bâkuewen): Ah! ah!....

Trin(röselt d'Schölleren):Erem! d'Joffer spirt hir Nerven!

Justine(geheit sech dem Loulou un den Hals): Meng kleng Joffer, lauschtert,mâcht iéch neischt draus,ech lâfe se'er dem Mésch ter Beschéd soen,datt d'Mme. Melon iéch mat mir an d'Mille scheckt,an datt mir fir d'Möttegiéssen erem sin.(Loulou get lues a lues me' ro'eg)

Melon(wöscht sech d'Stir of):We' hun ech gefârt! Merci,klengt Justine,durch dech gét erem alles an d'Reih. Awer gelt, dir fuhrt net ze se'er.

Justine:Madame, dir könnt op mech ziélen. Ech wés gutt wât der Joffer Fréd mecht... an dât ass wât sie braucht.(mecht zwo' Révérenzen a gét of)

Loulou(stét op,emärmt d'Tatta): Ei! 't ass besser!,ech si se'er ferdeg,d'Frösch Loft kritt mech schon erem ganz an d'Fassong! (am Ofgoen geheit et der Tâta nach e "Kusshändchen" zo')

Trin:'t kann é soen wât é wöllt, 't ass dach en Engel vun engem Kand!

5.Szén Melon,Trin

Melon:Ech gin nach krank! Ech gestinn an,datt ech net é Wurt vun dém gegléwt hun wât seng Mamm mir geschriwen huet:"D'Loulou ass schwe'er ze erze'hhn. O'ni Zweiwel misst hatt an âner Hänn kommen.Seit 2 Johr - wo' sei Papp Prisone'er ass- get hatt onaustehlech."

Trin:Dât ass iwerdriwen.'t brauch én dem Kand dach nömmen de Wöllen ze dongen,dann ass et dach brav we' e Lämmchen.

Melon:Ech mengen alt seng Mamm wollt mir net alles soen, dât Kand ass bestömmt kränklech, an dât ass beeinflosst sei Karakter.

Trin:Nuja! 't ass jo hei an der Vakanz, 't brauch keng Aufgaben ze kritzelen,keng Lektio'nen ze le'eren,an sech d'Gehîr mat allerhand onverdauleche Sâchen ze stoppen,do werdt eis kleng Joffer scho Speck usetzen an da gin seng Nerwen vum selwen ro'eg.

Melon:Mir hoffen et. Mä ech hätt dach ger, wann eis Doktesch,d'Mme. Bonalit,de Verlâf vun dénen onverständleche Krisen gené verfolge ge'f.

Trin:Oh, d'Doktesch, de' huet Zeit, wann sie och nach eso' daks sét "Wât eng Hetz!",ech wés vun hirer Bonne,datt sie de ganzen Dâg liést,sie huet bâl keng Visiten ze mâchen,a Consultatio'nen huet sie och net vill. Durfir de't ech mengen,Mme,dir se'' en Abonnement bei hir huelen, dât wir bestömmt net eso' deier, an ech breicht net ömmer iwer ze lâfen.D'Mme. Bonalit ke'm ömmer zur bestömmter Zeit.

Melon:Eng exzellent Iddi!Trina, git op der PLâtz de' Sâch mat der Doktesch an d'Reih mâchenä sie ka sèlwer den Dâg an d'Stonn festsetzen.

(Trin of,hölt de Plateau mat dem Kaffi mat.Melon,mech an der Zerstréong d'Bigoudien lass,eso' datt d'Hohr hir iwer d'Gesîcht erofhänkt,sie gét hin an hir. - <u>'t schellt</u>!)

Melon:Hei!- <u>(t' schellt erem)</u> Ah, d'Trin ass secher scho fort. ('t schellt me' lâng):Ech kommen, ech kommen!(léft nervös hin an hir,dre't dann,gét fir d'Dir opzemâchen)

6.Szén, Melon,Doktesch

(E'er d'Melon dobaussen ass,he'ert én der Doktesch hir Stömm)

Doktesch:Derange'ert iéch net,ech si jo net friém hei.(Könt se'er eran,geseit d'Melon,de' zreck gét bis bei d'Mauer,fir der Dir auszewéichen):Bonjour,le'f Madame! Ech hun elo grad d'Trina bege'nt,dât mech gebiéden huet,fest ze schellen a se'er eran zekommen, o'ni ze warden..... Stömmt eppes net bei Iéch? Bekuckt d'Melon,de' nervös hir Hohr aus dem Gesîcht mecht.)

Melon(mat brédem Lâchen):Enchante'ert iéch ze gesin,Dokter,mir gét et ausgezéchent. Ech wollt mech mat Iéch önnerhâlen iwer men kleng Niéce,de' kritt eso' daks Nervekrisen:Wöllt dir Iéch e we'neg em se kömmeren?

Doktesch:Awer ganz gär,Mme,- wann ech och ste'ts gehetzt sin.... Wo' ass dât Klengt?

Melon(steckt de Kapp hannert de Paravent):Ah! 't ass net me' do! We'! Scho fèrdeg! - Scho fort!.... Bestömmt ass et durch d' Fönster an de Gart gesprongen....

Doktesch(op d'Seit): Hm!- während enger Nervekris? - Dât ass sèriös!
Melon:Dir gesit meng Bestür~~z~~zong.- Dât Kand huet de'onerhe'ertst ~~x~~ Afäll! - 't ass durch an durch égesönneg!- e göllent Hèrz, awer wann én et am grengsten irgert,da kritt et Nervekrisen 't ass kengem Mönsch ze soen.
Doktesch:'t soll én de' Krank och net irgeren,Mme.
Melon:Dât ass jo och meng Ansicht, durfir le'eren ech och eso' lues him an allem nozegin. Haut de Murgen wollt et mat dem Justine Velo fuhren....
Doktesch:(önnerbrecht):Justine? - Ech hun dât elo grad bege'nt,we' et,mat eso' engem klengen rosa-Deiwelchen pedale'ert huet,we' wann sie nach e weite Wé hätten.
Melon: E rosa-Deiwelchen? - Ass et me'glech? Dann ass et also am Pyjama durch d'Bascht!
Doktesch:Kennt dir dât ^and?
Melon:Mä, 't ass d'Loulou, meng Niéce,dât krankt Kand!
Doktesch(iwerrascht,op d'Seit):Mä dât geseit jo aus we' d'eweg Liéwen!- - ech mengen,'t misst én e'schter d'Tatta iwerwâchen.
Melon(fällt op e Stull zreck): Entschöllegt,Dokter,a kommt vleicht mâr erem.
Doktesch:Get mir e Coups de telephon wahnend enger Krise,an ech kommen op der Plâtz, wann ech och ste'ts gehetzt sin. (drecken sech d'Hänn, Doktesch of)

7.Szén, Melon eleng

Melon(mecht hir Hohr an e Fillet):Ech muss emol iwerléen...we' kann ech d'Loulou iwerwâchen? - Dât därf net me' virkommen datt et durch d'Fönster gét.-- Ah, dé Paranvent hei le'st sech jo versetzen.(reckt de Paravent eso',datt de Publikum d'Aktricen de' 2 Seite geseit,sie sèlwer gesin sech awer net. Lenks stét e ~~kh~~klengen Divan,dem Loulou sei Bett,un der Wand hänkt en net ze klenge Spigel.Melon reckt d'Miwelen op hirer Seit,a kuckt den Effet dén dât mecht): Besser gét et net.Elo kann ech ro'eg hei strecken an dach dem Kand sei Kommen a goen ~~xx~~ iwer wâchen. Nuechts lôssen ech d'Diren op... Jo,nuechts... Ah, we' sin ech eso' schle'ferech.... Wann ech d'Aen en Ablek schle'sse ge'f.....(sötzt sech an eng Fôtel a schnarcht geschwönn.)

8.Szén Melon,Loulou,Justine

Loulou(könnt durch d'Fönster an sein Zömmer,betruecht de Paravent dé verstallt ass) - Ei, w^at ass dann hei geschitt? - Waren d'Heinzelmännercher heibannen? (dre't sech eng Ke'er am Krés) Eng Iddi vun der Tatta!-'t därf én se net irgeren, net contrarie'eren... Nu ja, mir ass et egal,am Ge'gentél,eso' hun ech me' Plâtz, an nach derbei e sche'ne Spigel.(dre't sech ge'nt d'Fönster):Dajé,Justine, wât warts de fir e eran ze kommen? Muss ech dir d'Hand gin?
Justine(dât vu baussen,fir d'escht de Kapp, dann d'Schöllere weist, kuckt ängschtlech):Ech si gur net ze ho'ferech,we' en De'f durch d'Fönster ze klammen.D'Madame könnt mech erwöschen! an dann.....
Loulou:Mais nén,'t ass de' bèscht vun allen Tattaen.Wât eng Chance datt ech hei bei hir gelandt sin.Wann ech drun de~~kk~~nken datt meng Mamm mech wollt an e Pensionat dongen...Brrr...(mecht we' wann et de't zidderen,geseit sech eso' am Spigel,platzt aus mat lâchen):Kuck Justine,we' ass dât eso' praktesch,eso' e Spigel, elo kann ech meng Roll ere'scht richteg le'eren. (stellt sech virun de Spigel,Justine,dât erschreckt ass, stellt sech widder de Paravent,könnt seches net zo'):Du hues dach verstânen,Justine,datt ech eng wonnerbar Gesondhét hun,an datt meng Nervekrisen nömmen simule'ert,a Möttel zum Zweck sin?- Well ech hun es genug d'Tyrannei vun enger Le'erin ze erdroen,de' de ganzen Dâg soss keng Beschäftegong huet we' én mat Lektio'nen a Priédegten ze stoppen. Durch sie hun ech en Ekel virun all Le'ere kritt. Dât war dach ânescht we' mei Pappa mat mir gele'ert huet.Bei him war alles interessant, eso'gur d'"Regel-de-tri."
Justine:(perplex):Ass et wo'er? - Huet dir de' Zeit èr Nerven net gespiert?
Loulou(verwonnert):We', du hues et geglèwt?(vive)Né Justine,dât elo irgert mech awer, datts du och op de Leim gânge bass. Dât war dach nömme fir meng Tatta;ech wollt Impressio'n mâchen,datt

sie mech hei an der Vakanz behält bis mei Papa eremkönnt,well soss sicht sie mir erem eng âner Le'erin.

Justine(Den Daum am Mond):Mä, eso' eng Erfindong,de' gleicht dach bâl enger Ligen?

Loulou(verwonnert):Oh! nén...'t ass e Kome'di, e Spillchen.Ech kann iwerhâpt net le'en.

Justine:Ech wés et awer net.('t he'ert én d'Melon schnarchen)

Loulou:Lauschter.... 't kann net ânescht sin: d'Tata schle'ft. Mir kommen also net ze spe't fir d'Möttegiéssen.Ech ka mech nach undongen.(Stellt sech virun de Spiggel,an hält en Dialog dén hat selwer erföndt,mat alle Gesten): Bonjour Tatachen! Mir si gleckleeh erem! - Ah jo,dir sit verwonnert datt ech nach am Pyjama sin? - Dât mecht neischt...Ah, mâcht keng eso' gro'ss Aen... Nén, siéft net be'ss,- dât de't mir zevill léd. - Wât sôt dir? - (eng âner Stömm opsetzen): "Ech verbidden dir,durch d'Fönster ze klammen,we' e schlecht erzugene Bo'f! ..... Oh! Oh! e schlecht erzugene Bo'f.... dir huet gesôt: schlecht erzugen!(fähkt un eng Nervekrise ~~xx~~ nozemâchen.- Verdre't d'Aerm,d'Kne'en schloen zesummen,rollt d'Aen,streckt d'Zong eraus - Justine platzt bâl vu lâchen.- Loulou mecht ömmer virun an danzt am Zömmer)

9.Szén, Vireg, dann Trin

Melon(erwächt,gâpst):Ah! Ah! We'vill Auer ass et?(Kuckt op hir Auer)Mötteg! Hun ech dann eso' lâng geschlôf?- Wât ass dât fir e Gereisch?(rifft): Trina!,'t ass dach elo keng Zeit fir de Buedem ze spe'nen..... 't ass dach Mötteg!.... Trina, ass d'Joffer Loulou erem?

Loulou(imite'ert dem Trin seng (lues) Stömm): Jo,Madame, sie ass erem!

Melon(ongedölleg): Trina! Trina, dann aentwert dach!

Trin(Könnt durch d'Dir riéchts,wöscht sech d'Hänn um Schirteg ôf) Elei sin ech jo,Madame. Ech mache mir allerhand Gedahken datt de' 2 Kanner nach net erem sin, sie werdten irgendwo' am Bösch erömstrolchen,- an dèr Zeit gât mei Möttegiésse kâl.

Melon(erregt): 't handelt sech elo net em d'Iéssen.... Wann d'Joffer Loulou é vun hiren Anfäll kritt huet,da kann hir gutt en Ongleck passe'ert sin. Wât eng Verantwortong virun senger Mamm!

Loulou(gere'ert): Arm Tatta! Sie dét mir léd! (mecht d'Dir op a könnt am Sangen eran/ Justine,zeckt, wés net we' et soll mâchen,sprengt dann zur Fönster aus)

lo.Szén,Vireg o'ni Justine

Melon(iwerrascht): A wât héscht dât do? - Wars du dobannen? Zanter we' lâng?- Wo' bass du erakomm?

Loulou(mecht hir e Fanger,le'f):Ech könnt jo soen ech wir lanscht iéch gangen we' dir geschlôf huet.....awer ech mâchen et net. Ech sin,we' e Villchen,durch d'Fönster erakomm.

Trin(möscht sech dran): E richtegen Hampelmännchen! - Bleiwt d'Joffer wuel de ganzen Dâg"Boxentinnes" oder soll ech warden mam Iéssen bis sie sech ugedon huet? - Mä ént soen ech,: en opgewirmten Iéssen war nach nie vill wert.

Loulou:Nuja, d'Tatta ass jo och nach an der Robe de Chambre,da kann ech och am Pyjama bleiwen. Mir können èrer Kichen dach E'er mâchen. (während et dât sét,mecht et dem Trin d'Schirteg erem glât,dât verrompelt war,wo' et sech d'Hänn ôfgedrechent hät mecht de Schlapp vum Schirteg erem sche'n,an op émol emärmt et d'Trin)

Trin(wöscht sech eng Tre'n ,gere'ert) 't ass dach en Engel vun engem Kand!(deckt den Dösch,d'Loulou hölleft,dât sprengt an danzt em den Dösch mat den Telleren an dem Besteck)

Melon:Pass op mei Kand!Lôss neischt fâlen!

Loulou(dât durfir net me' lues mecht):Ei war dât e schen'e Murgen! D'Viggel hu gepaff.... d'Millen huet gesongen....de Miller huet gegrommelt....sein Iésel huet hannenaus geschloen... An d'Sonn huet eis op d'Käpp gebrannt....

Melon:Ech biéden dech,Loulou,bero'eg dech,sprang net eso'! Hei,komm sötz dech hei vis-a-vis vu mir.D'Trina serve'ert gleich d' Zopp.

Trin:Jo,sötzt iéch, well,fir datt d'Zopp engem gutt schmâcht,muss én se iéssen mat Ro'h,gemiddlech,o'ni un soss eppes ze denken - eso' we' de Villchen am Kurf.(Trin ôf)

11.Szén Vireg,Justine,Doktesch.

(Melon a Loulou sötzen um Dösch,gâpsen ént em d'anert,dre'en d'Fanger,kucken op d'Dir, warden op d'Zopp)

Justine(Könt erem un d'Fönster,am Loulou senger Kummer,huet en Telegramm an derHand): Ech hu mir et jo geduecht!. 't ass net do! - Elo ass mei ganze Plang derlanscht!-(ass erakomm,lauschtert un der Zwönschendir):Neischt! 't he'ert én neischt!-d'Madame ass also net do....well bei dèr gét d'Efffermillen ömmer.(steipt d'Hänn an d'Seiten):Sollen se d'Nouvell durch eng âner,indiskret Perso'n he'eren hun? -Well vun dénen get et der ömmer,de' sech em Sâche kömmeren de' se neischt ugin. (krâtzt sech um Kapp):Wât soll ech elo mat mengem Telegramm mâchen?(ste'st ma'm Fo'ss op de Buedem): 't ka goen we' et wöllt, d'Joffer Loulou muss e fir 't e'scht gesin!

Loulou(zeckt zesummen):Hei,'t ass eppes a mengem Zömmer- - Soll dé verstuelene Kueder drbanne sin?(stét op,Melon mecht him no)

Melon:Ge' net dohin,Loulou...wart ech gi matt... hié könnt dir an d'Gesîcht sprängen.

Justine(erschreckt,wöllt net iwerrascht gin,steckt den Telegramm önner d'Dir,a verschwöndt durch d'Fönster.Melon a Loulou hun sech bei der Hand,sie gin op de Fo'sspötzen,bei der Dir ukom geseit d'Loulou den Telegram fir 'te'scht,hiéwt en op a geseit datt se op sein Numm ass.Sprengt an d'Lucht vu Fréd)

Loulou:Eng Depeche... sie ass fir mech!! - We' könnt de' nömmen elo önnert d'Dir?

Melon(hölt em se aus der Hand)- Fir dech? En Telegramm? - Lôss mech emol kucken...

Loulou(wöllt hir s'erem aus der Hand huelen):En ass fir mech.... 't ass mein Telegramm.... Ech gesin nach klor! ... Ech ka liésen....

Melon(sicht hire Bröll): Eso' kleng Médercher we's du de' kre'en keng Telegrammer....

Loulou(égesönneg):'t ass mein.... 't ass mein! Ah! Ah!....ech kre'-en erem eng Krise!

Trin(könt mat der Zoppeschossel eran,setzt se se'er nidder):Ah! d' Joffer spiert hir Nerven! Wât e Pech! Wât en Ongleck!

Loulou:Get mir meng Depeche oderech jeitzen... Le'sst seoh op de Buedem fâlen(op e Puff wa me'glech) a jeitzt):Aie! aie!!

Melon(geheit den Telegramm op den Dösch,sie huet en opgemâcht awer nach net geliést): 't ass de' ganz ureg Krise! Se'er d'Doktesch!(telephone'ert) Halo! halo!... D'Mme.Bonalit...den Nr. lo zo' Hondsdurf?,...Jo, d'presse'ert,eng ganz ureg Krise!... (könt erem bei d'Loulou,dât den Telegram om Dösch geseit,wölt en huelen,rötzscht awer erem aus)

Trin:Lôsst mir d' Kand op d'Bett droen,Madame,dât ass me' virsîchteg 't könnt sech nach beim Fâlen den Jals briéchen.(Sie droen et op d'Bett, d'Loulou wiért sech, Wann et drop leit wöllt d' Trin him eng nâss Serviette op d'Gesîcht léen,mä d'Loulou mecht allerhand Konschten fir dât ze verhönneren. -
<u>'t schellt!</u>

Justine(könnt virun der Doktesch an d'Zömmer- zur Doktesch):Ech m mengen 't wir besser,wann ech iéch gleich ge'f soen,Madame, datt de' gâz Krise,Schwindel ass..... soss git dir op émol der Jöffer Loulou nach Pillen de' hir net gutt mâchen....

Doktesch(éscht):Kand,ech biéden dech,bedenk e we'neg wâts du sés, ech hun nach kengem Kranken e Möttel gin dât him schlecht gemâcht huet.

Justine:Mä 't ass jo gur kén Kranken hei, durfir braucht dir och ké Möttel.

Doktesch(tippt sech op d'Stir): Wât wölls du domat soen?

Justine(ganz se'er-awer verständlech):Ech wöll soen datt d'Joffer Loulou sech verstellt fir datt seng Tatta him keng âner Le'erin siche soll.Hatt wöllt nömme mat sengem Pappa le'ere. Hat huet et net me' un den Nerven we' ech!

Doktesch(streng):Also eng Schein-Krank? - Dât ass be'ss bei engem Kand. Fe'er mech bei et.

Justine(geseit d'Depeche op dem Dösch): Madame, liést dât hei, dât ass dât beschte Bero'egongsmöttel.(Doktesch liést,hirt Gesîcht klärt sech erem op)

Justine(mecht d'Dir zum Zömmer v.Loulou op):Den Dokter Bonalit,dén no der Joffer kucke könnt.

Loulou(ganz nervös am Bett,ste'st d'Tatta an d'Trin zreck): Ewech! Lôsst mech goen! ... Ech sin net krank!
Doktesch(hölt mat Gewalt den Arm fir de Bols ze fillen):Wo' félt et mei Kand? Wât fills a spiers de?
LOulou(we' e klengen Hunn): Rôserei,Madame!
Doktesch(ziélt de Bols): 3,4...Lidregkét. 7,8,...Falschhét, 10,12 Selstständegkét,,20,30,40...ganz vill Dommhét, 50,60... Mangel un Herz.Hm! an dât alles weist sech durch Krésch a verreckt Gebîrels!
(Melon aprouve'ert ma'm Kapp.- D'Doktesch le'st dem Loulou seng Hand goen,dât ass perplex,sötzt am Bett,huet d'Bén erofhänken,)
Melon:Wât mengt dir,Dokter?
Doktesch:Get mir wann iéch gelifft Pabeier fir ze schreiwen. (sötzen sech un e klengen Dösch): 1.Murges enîchter...... (schreiwt) 2.All Chocolat ass schiédlech,re'h oder gekâcht. 3.Am Moment vun de Krisen,dem Kranken e Glâs Wâsser an d'Gesîcht geheien an d'Wueden mat engem Böndel Brennesselen bearbechten.
Fustine(Dât hannert der Dir bliwen ass,eso' datt nömmen d'Publiku: et ka gesin): Oh, lalalala!
Trin:(Dât hanert dem Justine verstoppt ass): Dât armt Schèfchen, Ech gi jiddenfalls d'Brennesselen net sichen....
Melon(zögennd): Mengt dir net Dokter, dât wir dach e we'neg stârk?
Doktesch:Wann é wöllt eppes erréchen, da muss én och d'Möttele genrauchen.Soss hun ech neischt ze soen.
Loulou(sprengt aus dem Bett, geheit sech der Tatta virun d'Fe'ss) Hölleft mir Tatta!... nömme keng Brennesselen, ech biéden iéch!... Dir werdt gesin, ech jeitzen net me'... nén nie me'' an ech sin elo ganz brav!
Doktesch:Mä Kand, wann dei Pappa dech jo an dem Zostand gese'ch - hie ge'f dech jo gur net eremerkennen!....
Loulou(kreischt): Oh, mei Pappa!
Melon(wöllt d'Kand bero'egen): Mä, siéf nömme ro'eg, dé könnt nach eso' se'er net.... du hues nach Zeit erem gesond ze gin... Den Dkter verschreiwt dir eng Medizin....
Doktesch:Eng ganz batter!
Loulou(entschloss): Ech hu besser dir alles ze soen,Tata,ech sin e schlecht,liddregt Médchen, ech hun iéch Léd gemâcht,a Sur... gemâcht,durch mein Mech-Krank-Stellen. Mä 't ass net wo'er! Ech si gur net Nervekrank!(ziddert ge'nt sei Wollen un alle Glidder)
Trin:An dach! D'Joffer spiert hir Nerven!!
Justin(dât erakönnt,hémlech zur Melon):Dir musst d'Szén ôfkîrzen, an enger Ve'erel Stonn ass den Här hei....
Melon:Wât fir en Här?(verwonnert)
Justine:We'? - An d'Depèche? Huet dir se net geliést,Madame?
Loulou:Ah jo, d'Depèche, de' fir mech war, wât stét do drop?
Trin(récht dem Lpulou se): Richteg, sie ass un seng Adresse!
Loulou(liést,zeckt): Em 12.45 Auer, sin ech bei dir! Dei Pappa. (Sprengt an d'Lucht vu Fréd,fällt dann op d'Bett a kreischt an d'Kössen.)
Doktesch:Ech muss mei Rezept änneren, awer dât Kand huet et un den Nerven...
Melon:Merci Dokter,fir alles. Awer ech war blann... Ah, d'Kanner vun haut....
Trin:'t huet sein Theater gutt gespillt,mä 't bezuelt en deier, kuckt emol we' et kreischt!
Loulou(hölt d'Melon an Trin an emärmt se): Jo,'t kreischt,mä Frédentre'nen.Ah,mei Pappa könnt, hié könnt,elo get kén Theater me' gemâcht. ('t schellt)
All: Dât ass den Här!
Trin: An elo bruache mir nie me' ze soen: D'Joffer spiert hir Nerven!

Vorhang. 18.XII.52
H

Th.-G.-Verlag EschSt.Henri
Preis: 1 Roll = 7.-
5 Rollen an émol Opfe'erongsrecht: 60.00 frs.

Ofschreiwen a Weiderverle'hnen ass verbueden!!!!